



N°7042
Entrée le 21.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Um COVID-Zitt vun der Regierung ass zu den Niewewierkunge vun deene verschiddeenen Impfstoffer ënner anerem dat hei ze liesen: *D'Niewewierkunge kënnen entweder "manner uerg" sinn (liicht bis mëttel Intensitéit) an no e puer Deeg verschwannen, oder "uerg" (well se zu enger Hospitalisatioun oder enger Verlängerung vun der Hospitalisatioun féieren, liewensbedrolech sinn, zum Doud féieren, zu enger laangfristeger oder schwéierer Invaliditéit oder Behënnerung, oder enger Anomalie oder kongenitaler Feelbildung féieren).*

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister eng aktuell Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Lëtzebuenger Bierger säit dem 1. Januar 2021 eng "manner uerg" Niewewierkung, wéi vill eng "uerg" Niewewierkung erlidden hunn a wéi vill der un der Impfung gestuerwe sinn? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang präziséieren, wéi vill Patienten, deenen hir Niewewierkungen als uerg agestuuft goufen, hu missen hospitaliséiert ginn, wéi vill der bleiwend gesondheetlech Schied dovu gedroen hunn, wéi vill der kierperlech handicapéiert bleiwen a wéi vill vun hinnen als invalid agestuuft ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7042 vum 21. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

1) Kann d'Madamm Minister eng aktuell Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Lëtzebuerger Bierger säit dem 1. Januar 2021 eng "manner uerg" Niewewierkung, wéi vill eng "uerg" Niewewierkung erlidden hunn a wéi vill der un der Impfung gestuerwe sinn? Kann d'Madamm Minister an deem Zesammenhang preziséieren, wéi vill Patienten, deenen hir Niewewierkungen als uerg agestuuft goufen, hu missen hospitaliséiert ginn, wéi vill der bleiwend gesondheetlech Schied dovu gedroen hunn, wéi vill der kierperlech handicapéiert bleiwen a wéi vill vun hinnen als invalid agestuuft ginn?

Detailléiert Informatiounen betreffend all d'Niewewierkungen déi fir COVID-19 Impfungen gemellt goufen, ginn regelméisseg an den Pharmacovigilance Berichter vun der Division Pharmacie et Médicaments publizéiert. Dës Berichter sinn ëffentlech verfügbar um InfoVAXX ënner folgendem Link: <https://covid19.public.lu/fr/vaccination/infovaxx.html>

De leschte Bericht (Rapport 14: suivi des effets indésirables des vaccins) gouf den 18. Oktober 2022 publizéiert. Dësen Bericht enthält d'Zuelen vun den Niewewierkungen no Schweregradskriterien (Doudesfall, Liewensbedrohung, Hospitalisatioun, medizinesch bedeitend, Incapacitéit oder Invaliditéit), déi zu Lëtzebuerg deklariéiert goufen, zanter dem leschte Bericht souwéi kumulativ zënter dem Ufank vun der Impfkampagne.

Lëtzebuerg, den 16. November 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert